

Kloerstellung: Bausseminister Asselborn an Dallas

Pressemitteilung vum ADR-Nationalkomitee, vum 1. März 2017

Vill Opreegung huet haut en RTL-Artikel op Facebook ausgeléist, deen de Fernand Kartheiser gedeelt hat. Op dem ADR-Deputéierte senger Säit hat eng Persoun deen Artikel op vëlleg onzoulässeg Art a Weis kommentéiert. Déi Persoun, kee Member vun eiser Partei, ass doropshin och vum Fernand Kartheiser blockéiert ginn.

Mir wëllen heimat kloerstellen, datt mir als Partei d'baussepolitesch Choix vum Jean Asselborn an deenen allermeeschte Fäll net deelen. Mir hunn eis politesch Differenze mam Jean Asselborn ëmmer an aller Schärft ausgedroen. Mä mir respektéieren de Mënsch Asselborn, eise politesche Géigner, an och seng Funktioun an der Lëtzebuerger Regierung. Et géing eis als demokratesch gewielte Partei net afalen, Attentater a politesch motivéiert Gewalttate guttzehalen. Et géing eis scho guer net afalen, engem politesche Géigner den Doud ze wënschen. Mir verabscheue Gewalt an déi, déi Gewalt als politescht Mëttel oder als Diskussiounselement gebrauchen.

Och mir verfolge mat Suerg d'Entwécklung an de soziale Medien, wou Leit net zécken, hir Géigner mat alle Mëttelen ze vernennen an ze verleumden an esouguer hinnen den Doud ze wënschen. Mir sinn ëm sou méi besuergt, well dës Intoleranz an dësen Haass zu Lëtzebuerg dacks och eis Partei treffen, dat obwuel eis Positionen eng wéi déi aner absolut rechtsstaatlech sinn.

Als Partei si mir net bereet, Parteimemberen oder Mandatsdréier, déi eendäiteg d'Grenze vun der politescher Ausernanersetzung iwwerschreiden an extremistesch Aussoe maachen oder ënnerstëtzen, ze verdeedegen. Esou Leit mussen bei eis mat partei-interne Konsequenze rechnen. De Facebook-Kommentar ënnert engem RTL-Artikel, deen onglécklecherweis op dem Fernand Kartheiser senger Facebook-Säit gepost ginn ass, war fir all Mënsch kloer verständlech als Uspillung op d'Ermordung vum US-Präsident John F. Kennedy. Et gëtt keng Rechtfertigung fir esou en ondemokrateschen, béisaartegen a geféierleche Kommentar an iergend enger Weis ze verdeedegen, ze liken oder fir ze maachen, wéi wann een de Message net esou verstanen hätt wéi e gemengt war.